Lëtzebuerger
Guiden a Scouten



# Formatioun 'Formatioun Dutch-Oven'

| | |
|---|---|
| **Fir ween** | All interesséiert Chef:tainen |
| **Formateur(en)** | Fehlen Marcel, Schmit Matthieu |
| **Wou** | Chalet LGS Sandweiler 25, rue de la Gare Sandweiler |
| **Wéini** | **21. Mär 2026** vun **14:00** bis **20:00** |
| **Umeldung bis** | 18/03/2026 op https://chefbox.lgs.lu/formatioun/umellen/189/ |
| **Kategorie** | Formation Continue |
| **Typ** | Dobaussen |
| **Beschreiwung** | Bei dëser Formatioun gëtt gewisen, wéi ee mat engem "Dutch-Oven" a mam ungaresche Gulaschdëppen um Feier um Camp kache kann. Einfach, gutt an ouni gréisseren Opwand. Natierlech iesse mir duerno zesummen.<br>En "Dutch Oven" (och "Feuertopf", "Camp Oven", "Chuck wagon oven" oder "Dopf" genannt) ass en dräibeenege Gossenen Däppen, deen duerch seng dräi Féiss um Buedem direkt an en oppent Feier gestallt a mat engem passenden Deckel zougemaach ka ginn. Dës Form vum Däppe gouf vun däitschsproochegen Auswanderer – "Dutch" huet deemools nidderdaitschsproocheg Hollänner an Däitscher gemengt – an d'ganz Welt exportéiert, besonnesch an d'USA, Südafrika an Australien. |
| **Ziler** | D'Zil ass et, eng Alternativ ze proposéieren, fir um Camp emol anescht ze kachen. Dir wäert gesinn, dass är Kanner a Chef/tainen begeeschtert sinn. |
| **Inhalt** | Alles, wat ee brauch, fir gutt ze iessen. |
| **Präis & Bezuelen** | 15.00 € Am Viraus<br>Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen. |

E grousse Merci un eis Sponsoren